**08.07.2023 Vernissage Expo 1848 – Ried Chamberspresident Fernand Etgen**

Madamm Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus der Chamber, Madamm Direktesch vum Nationalarchiv, léif Éieregäscht, Dir Damen an Dir Hären,

Ech si frou Iech op dësem Vernissage vun enger ganz flotter an interessanter Ausstellung ze begréissen : « 1848 – Revolutioun zu Lëtzebuerg ». Dës Ausstellung – déi am Nationalarchiv e puer Meter iwwert eis ass - mécht mech als Chamberspresident ganz houfreg, aus ville Grënn.

D'Ausstellung steet am Kader vun enger Serie vu Feierlechkeeten, déi un 1848 erënneren. Scho viru 25 Joer hat d'Chamber d'Initiativ geholl fir den deemools 150. Anniversaire ze feieren, mat enger grousser Séance académique an der Stad, enger méi klenger zu Ettelbréck an der Publikatioun vun engem pedagogeschen Dossier ënnert der Direktioun vum bekannten Historiker Gilbert Trausch.

Fir den 175. Gebuertsdag vun deem Revolutiounsjoer, hu mir zu Ettelbréck ugefaang mat de Feierlechkeeten, mat enger ganz spezieller Seance académique den 28. Abrëll. Zesumme mat de Kolleege vun der Stad Ettelbréck ënnert dem Buergermeeschter Jean-Paul Schaaf hu mir probéiert, fir de Spectateuren d'Ambiance vun 1848 méi no ze bréngen. An ech mengen dat ass eis och gelongen. Wann Dir de musikaleschen an theatralesche Spektakel zu Ettelbréck verpasst hätt, kënnt Dir Iech en um Internetsite vun der Chamber ukucken. Ech kann Iech awer scho verroden, dass Dir och an der Ausstellung en Accès op dës flott Séance académique wäert hunn.

Nieft der « bëssen anerer » Seance académique zu Ettelbréck, wollte mir als zweeten Deel vun eiser Erënnerung un d'Joer 1848, eng Ausstellung op d'Been setzen. Dat reit sech an eng laangjäreg Strategie vun der Chamber an. D'Parlament leet grousse Wäert op politesch an historesch Wëssensvermëttlung. Dofir schaffe mir ganz enk a gutt mat Institutiounen aus der Educatioun an der Kultur zesummen. Ech denken do un eis Universitéit, a besonnesch un d'Chaire de recherches en études parlementaires, mee och un den Zentrum fir politesch Bildung. D'Chamber huet och scho mat Kulturinstituter zesumme geschafft, sou z.B. am Joer 2019 mam Nationalmusée um Fëschmaart fir 100 Joer allgemengt Walrecht zu Lëtzebuerg ze feieren – ënnert dem Titel « Wiele wat mir sinn ».

Dofir hu mir och fir dës Ausstellung e staarken a kompetente Partner gebraucht an d'Zesummenaarbecht mam Nationalarchiv ugestrieft. A mir si bei Iech, Madamm Kirps, a bei äre Mataarbechter, mat oppenen Äerm empfaange ginn. An dofir e grousse Merci !

Zesummen hu mir dunn och e gemeinsame Pilot gesicht fir de Projet vun enger Ausstellung mat enger Publikatioun. Do wollte mir den Accent virun allem op eng spannend Erzielung leeën, déi och mat moderne Mëttele schafft. Mir sinn do fündeg ginn an der Persoun vum Marie-Paule Jungblut, beschtbekannte Curatrice vu ville remarkabelen Ausstellungen zu Lëtzebuerg an am Ausland. Ënnert hirer Leedung hunn d'Ekippe vum Nationalarchiv an der Chamber vill un der Ausstellung an um Buch geschafft. Mäi klenge Fanger huet mir gesot, dass Dir eng ganz positiv a kollegial Zesummenaarbecht hat.

Ouni elo ze vill iwwert den Inhalt vun der Ausstellung ze verroden, kann ech awer soen, dass et mech ganz besonnesch freet, dass et der Ekipp gelongen ass, fir e Bou tëscht 1848 an 2023 ze spanen, souwuel historesch, wéi och technesch.

Dir sidd vun der sozialer, ekonomescher a politescher Situatioun vun den 1840er Joren ausgaange fir ze weisen, wéi aus enger Kris eng nei, fräiheetlech Verfassung entstanen ass. Dir begleet och déi éischt Schrëtt vun der deemools nach jonker Chamber a weist och de spéideren Hin an Hir an der Geschicht vun eiser Verfassung. Schliisslech gitt Dir op déi ganz nei reviséiert Constitutioun an, déi elo zanter genau enger Woch a Kraaft ass. Dir weist wéi vill Aarbecht dohannert stécht, mee verstoppt och net, dass et och haut Problemer an eisem Land ginn.

Dat do war elo genuch als Teaser. Ween no der Visitt vun der Ausstellung déi historesch Debate vun der Assemblée constituante vun 1848 wëll a Rou noliesen, kann dat op eisem Chambersite maachen. All Compte rendus – eist Chamberblietchen - sinn do digital ze fannen, vun 1842 bis 1856, a vun 2003 un. Déi Joren, déi nach feelen, kommen no.

Loosst mech zum Schluss nach Merci soen :
Merci den Ekippen aus dem Nationalarchiv, mam Josée Kirps, Sanja Simic a Philippe Nilles.
Erlaabt mir Iech, Madamm Kirps nach eppes Wäertvolles fir an d'Nationalarchiv ze iwwerreechen : déi reviséiert Constitutioun, esou wéi se virun enger Woch a Kraaft getrueden ass, ënnerschriwwe vun de 4 Rapporteren a vu mir selwer.

Merci soe wëll ech och dem fréiere Generalsekretär aus der Chamber Claude Frieseisen, dee seng Erfarung, säi fundéiert Wëssen a säi Fläiss mat abruecht huet.

Merci och dem Secrétaire général adjoint an Historiker Benoît Reiter, dee mat ganz vill historesche Kenntnisser, Ausdauer a Passioun all Manifestatiounen iwwert den 175. Anniversaire vum Revolutiounsjoer geleet huet.

Mäi besonnesche Merci geet och un d'Marie-Paule Jungblut, eng unerkannten Historikerin, déi als Curatrice vill national an international Erfarung konnt mat afléisse loossen.

Merci och den Auteure vun der Publikatioun fir déi interessant Bäiträg ! Dës wëssenschaftlech Artikelen verdéiwen eng Rei Sujets vun der Ausstellung a komplétéieren se perfekt.

Dir hutt alleguer vill « gudde Wëllen » gewisen an ech felicitéieren Iech fir eng gelongen Ausstellung a Publikatioun!

An domat ginn ech der Kulturministesch Sam Tanson d'Wuert.